# Fälschung bei der *New York Times*

*D'lescht Joer huet d'***New York Times** *a 7 Kategorien de Pulitzer-Präis gewonnen — ni virdrun hat e Blad den amerikanesche Journalismus esou formidabel dominéiert. Dëst Joer as d'***Times** *an engem Sondage zu der beschter Zeitung vun der Welt deklaréiert gin. An trotzdem: uganks Mee as bei der Times eng Krise ausgebrach, déi si selwer als Déifponkt an hierer 152 Joer aler Geschicht beschreift. Ausgeléist huet déi ganz Affär e jonke Journalist, deen et nët ëmmer ganz genee mat der Wourecht geholl huet.*

Déi lescht grouss Vertrauenskris am amerikanesche Journalismus läit schon e puer Joer zeréck. 1981 krut déi jonk Reporterin Janet Cooke e Pulitzer-Präis fir hiere Portrait vun engem schwaarze Bouf, dee scho mat 8 Joer heroinofhängeg war. „Jimmy's World", sou den Titel an der *Washington Post*, war eng gudd geschriwwen, mee leider vu vir bis hannen erfonnte Geschicht. De Bob Woodward, dee mat dem Carl Bernstein e puer Joer virdrun de Watergate-Skandal opgedeckt hat, huet als responsable Redakter missen d'Konsequenzen droen. Séng Strof: hie gouf an d'Chefredaktioun nominéiert, wou hie sech zanterhier em déi investigativ Dossierë këmmert. D'*Washington Post* huet hiere Präis zeréckgin, an hiere Ruff war liicht getéitscht.

Mee nët eleng den amerikanesche Journalismus huet sech an der Lescht säfteg blaméiert. D'Affär vun de gefälschten Hitler-Tagebicher feiert dëst Joer Jubiläum. Enn Abrëll 1983 huet e Chefredakter vum Magazine *Stern* getéint, d'Geschicht vum Drëtte Räich misst no der Publikatioun vun dem Journal a groussen Deeler frëschgeschriwwe gin. Um Enn koumen de Fälscher Konrad Kujau an de Reporter Gerd Heinemann allebéid an de Prisong, d'Chefredaktioun gouf entlooss an d'Suë ware fort – genee wéi de gudde Ruff vun der Illustréierter. Den Historiker, déi d'Dokumenter

gepréift haten, as näischt geschitt, obschons si deklaréiert haten, déi sougenannte Kladde wären echt.

Et as nach nët esou laang hier, dunn huet déi renomméiert *Süddeutsche Zeitung* e puer fatzeg blo Plazen erwëscht. „Borderline-Journalismus“ huet den Auteur Tom Kummer séng Aarbechtsweis genannt. Tatsächlech huet hien Interviewë mat Hollywood- an anere Staren aus dem Showbusiness publizéiert, déi esou flott waren, datt de Lieser bal nët wollt gleewen, wat Schauspillerinne wéi d'Sharon Stone dem Kummer verroden hun. De Lieser hat recht, well dës Gespréicher gouf et jhust am Reporter sénger Phantasie. Déi zwee Journalisten, déi fir den *SZ-Magazin* responsabel waren, hun hieren Hutt missen huelen. Op der Mediësäit vun der Dageszeitung as penibel genee norecherchéiert gin, wéi et zu dëser enormer Panne konnt kommen.

Wann esou eng Gaffe passéiert, da rëskéiert nët nëmme déi betraffen Zeitung, mee d'ganz Mediëbranche d'Vertraue vun de Leit fir eng laang Zäit ze verléieren. Duerfir gët an esou Fäll alles dru gesat, fir d'Öffentlechkeet ganz genee z'informéieren, wat schifgelaf as. Nët anescht wiert sech d'*New York Times* géint d'Kritik, déi si den Ament muss astiechen. Op véier ganzer Säiten huet si den 11. Mee dokumentéiert, wat den Jayson Blair, e Journalist vu 27 Joer, gestiicht huet, zanter hie fir si am Asaatz war. Méi wéi 50 Mol hu séng 600 Artikelen missen op der Säit 2 korrigéiert gin. Dat as nët wéineg, awer och nët méi wéi aner Reporter, déi zanter laangem eng exzellent Réputatioun genéissen.

Allerdéngs huet de Chef vun der Lokalredaktioun d'Direktioun virum Blair sénge Methodë gewarnt, mat der Konsequenz, datt den Nowuessreporter an der nationaler Redaktioun geland as. A 36 vun 73 Artikelen, déi hien do zanter dem Oktober vum leschte Joer zu Pobeier bruecht huet, si grave journalistesch Feeler opgedaucht. Mol war de Blair guer nët op der Plaz, mol huet hien nët mat de Leit geschwat, déi hien zitéiert huet, wann en si nët falsch zitéiert huet, mol huet hie vu Kollegen ofgeschriwwen oder d'Fakte carrément erfonnt. Besonnesch uerg muss et gewiescht sin, wéi hien iwwert de Sniper vu Washington geschriwwen huet. Anonym Quellen hun him Saache verzielt, déi duerno vun alle Säiten dementéiert goufen. Op et dës Quellen iwwerhaapt gouf, as nach nët definitiv gekläert.



Wann d'*New York Times* elo schreift, d'Affär Blair géif den Déifponkt an hierer 152 Joer aler Geschicht markéieren, da mécht si domadder aus enger Méck en Elephant. Wäer dem jonke Journalist säi Geflunkers nët entlarvt gin, da wäer soss nët vill geschitt, wéi datt hien nach e puer Mol op der Säit 2 bei de „Corrections“ geland wäer. An der Saach ware séng Fehlinformatiounen nët terribel brisant; am Prinzip, par conter, as et extrem grave, wann e Journalist wëssentlech manipuléiert.

Während der Stalin-Ära hat d'*Times* e Korrespondent zu Moskau, deen eng Hongersnout, déi den Diktator an der Ukraine provozéiert hat, schéigeschriwwen huet. Dobäi wousst de Reporter hoergenee, datt si 10 Millioune Leit d'Liewe kascht hat. Dat war 1933, an dem Jury zu New York hun dës Reportagen esou gudd gefall, datt si dem Walter Duranty de Pulitzer-Präis duerfir gin hun. Zwar hun d'Editorialiste vun der *Times* hirem eegene Korrespondent séng Informatiounen a Fro gestallt, mee soss as (him) näischt geschitt.

Esou gesi stoung d'*New York Times* – journalistesch geschwat – scho méi schlecht do wéi elo. Mee an der Redaktioun besteet zanter Méint e Malaise, an deen as duerch dem jonke Reporter säi Mëssel endlech zuer Sprooch komm. Aus welleche Grënn och ëmmer, war den Jayson Blair e Protégé vum Chefredakter Howell Raines. Deem säin autoritäre Managementstil a séng scoopversiesse Neiegkeetenapproche gefällt ville Journalisten um Times Square nët. Wann d'Direktioun d'Vertraue vun de Reporter an d'Zeitung d'Vertraue vun de Lieser wëllt erëmfannen, wär et vläicht gudd, fir sech esou séier wéi méiglech op d'Sich no engem neie Chefredakter ze maachen. Den Jayson Blair huet iwwregens den 1. Mee gekënnegt.

PS: Den Howell Raines a säin Adjoint Gerald M. Boyd sin de 5. Juni zeréckgetrueden.

*(Fräie Micro um Radio 100,7 vum 21. Mee 2003)*

**1933 hat d'Times e Korrespondent zu Moskau, deen eng Hongersnout, déi den Diktator an der Ukraine provozéiert hat, schéigeschriwwen. Dem Jury zu New York hun dës Reportagen esou gudd gefall, datt si dem Walter Duranty de Pulitzer-Präis duerfir gin hun.**